adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28.Januar 2022

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'ADR kritiséiert scho méi laang den Ofbau vu lokale Postbüroen am Land. Zenter dem Ufank vun der Covidkris huet d'Lëtzebuerger Post net manner wéi 18 Filialen zougemaach. D'Decisioun fir de Reseau vu Postagencen zolidd erofzeschrauwen ass 2015 gefall, deemools huet et geheescht datt d'Post am Kader vu Spuermesurë 35 vun den deemools nach am ganze 97 Post-Filialen am Land zou misst maachen. Dobäi ass et awer net bliwwen a vill weider Post-Büroen si verschwonnen. Och aktuell geet den Ofbau virun, zu Esch-Uelzecht sinn déi 2 Postbüroen Esch-Nord an Esch-Lalleng zougemaach ginn, esou datt an der ganzer Stad Esch nach just een eenzege Postbüro an der Rue Zénon Bernard ass. Eng nei Filial entsteet iwwerdeems just zu Belval. Et sollen och nach zwou weider Post-Agencen zu Bieles an zu Déifferdeng hir Diere fir ëmmer zoumaachen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Ass d'Regierung net der Meenung, datt lokal Filiale vun der Post e wichtege Bestanddeel vun der Liewensqualitéit vu ville Leit sinn, besonnesch eeler oder vulnerabel Matbierger si jo dacks, aus verschiddenen Ursaachen, dorobber ugewisen?
2. Kann d'Regierung confirméieren datt och déi zwee Postbüroen zu Bieles an zu Déifferdeng zougoe sollen?
3. Firwat intervenéiert d'Regierung net bei der Post, wou de Staat jo e groussen Afloss huet, fir datt keng weider Filiale méi zougemaach ginn, respektiv anerer nees opgemaach ginn?
4. Wéi vill Postfilialë sollen um Enn nach bestoe bleiwen uechtert Land ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding

Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742